N°7737
Entrée le 09.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 09.03.2023

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 9. Mäerz 2023

Här President,

Esou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Bei den „Epreuves communes“ an der Grondschoul ass mengen Informatiounen no dëst Joer keng „Session de rattrapage“ virgesinn. Am Kloertext heescht dat, dass Kanner, déi – aus wéi engem Grond och ëmmer – net un den „Epreuves communes“ kënnen deelhuelen, ouni déi entspriechend Resultater orientéiert ginn.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un den Här Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend riichten:

- Kann den Här Minister confirméieren, dass bei den „Epreuves communes“ an der Grondschoul keng „Session de rattrapage“ virgesinn ass an déi Kanner, déi net kënnen drun deelhuelen, ouni déi entspriechend Resultater orientéiert ginn?
- Wa jo, op wéi enger Basis ass dës Decisioun geholl ginn?
- Wéi ass d'Absence vun enger Rattrapage-Méiglechkeet kompatibel mat der Iddi vun der Chancëgläichheet am ëffentleche Schoulsystem?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Co-Fraktiounspresidentin

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7737 vun der honorabeler Deputéiert Martine Hansen**

Virop ass nach eemol ze betounen, datt d'Épreuves communes, déi am Kader vun der Orientatiounsprozedur am Cycle 4.2 duerchgefouert ginn, keng Exame sinn, mee just en Deel vun engem breet ugeluechte Prozess, deen iwwert zwee Joer leeft. Et kann och kee bei den Épreuves communes duerchfalen, well kee minimale Seuil de réussite definéiert ass.

Den Artikel 26 vun der *Loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental* hält déi Elementer fest, déi als Basis fir eng gemeinsam Entscheedung déngen, déi d'Elteren um Enn vum Cycle 4.2 zesumme mat den Enseignanten huelen, a wou et eenzeg an eleng drëms geet, ze kucken, wat dee beschte Wee fir d'Kand ass:

1. D'Aarbechte vum Schüler, déi am Laf vum Cycle 4 zesummekommen, sinn en Opschloss iwwert seng Léierfortschrëtter, wéi och seng Interessen, Wënsch an Ambitioune ginn;
2. D'Resultater vun de formativen an zertifikativen Evaluatiounsmomenter, déi dem Schüler seng Léierfortschrëtter erëmspigelen;
3. D'Resultater vun den Épreuves communes, déi vum Ministère op nationalem Plang organiséiert ginn. Si weisen, wou de Schüler mat senge Leeschtungen am Verglach zur nationaler Moyenne steet a wéi sech seng Kompetenzen entwéckelt hu par rapport zu de Kompetenzniveauen, déi um Enn vum Cycle 4 sollen erreecht sinn;
4. D'Informatiounen, déi de Psycholog gesammelt huet, wann d'Elteren ëm dës Ënnerstëtzung gebieden hunn.

Et ass richteg, datt d'Instruktioun, wéi zanter 2020 all Joer, och dëst Joer un d'Titulairë vum Cycle 4.2 erausgaangen ass, datt keng Séance de rattrapage géif ugebuede ginn. Dës Decisioun ass deemols geholl ginn, well et déi national Moyenne verfälscht, wa vill Kanner d'Epreuve noschreiwen an eventuell doduerch schonns Elementer vun der Epreuve kennen. Et gouf nämlech och virdrun ni eng separat Sessioun mat separaten Epreuven. Schüler, déi den Dag vun enger Epreuve gefeelt hunn, hunn déi selwecht Epreuve nogeschriwwen, wann se erëm an der Schoul waren.

Fir also ze verhënneren, datt déi Kanner, déi d'Epreuve e puer Deeg méi spéit noschreiwen an doduerch eventuell e Virdeel kéinten hunn, par rapport zu deenen, déi se den offiziellen Dag geschriwwen hunn, an de Verglach vun de Resultater vun deenen zwou Gruppen deemno net ganz fair wier, gouf dës Decisioun virun dräi Joer geholl. Well et, wéi gesot, keen Examen ass a keng rechneresch Gewiichtung vun deene véier uewe genannten Elementer gemaach gëtt, entsteet och keen Nodeel fir e Schüler, deen déi eng oder aner Epreuve net konnt matmaachen.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH